N°2411
Entrée le 08.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n°2411 vum 4. Juni 2025 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen

**1. Wéi eng Initiativen a Formatiounen existéieren aktuell am schoulesche Parcours (opgelëscht no Moduller), déi de Schüler eng Bildung am Trading, Investéieren oder d'Gestioun vun Haushaltsfinanzen bitt?**

Follgend Initiativen a Formatiounen existéieren aktuell am schoulesche Parcours am Enseignement Secondaire, déi explizit op Trading, Investéieren a Gestioun vun Haushaltsfinanzen aginn :

Investéieren an Trading

- 2GCG/2GCC – Économie de Gestion – Thème 2 : Les placements financiers
- 2GCF – Gestion de portefeuille
- 1GCF – Économie financière – Partie 1 : Les placements
- 2CN – Activités entrepreneuriales – Domaine Finance
- 2GMM – Économie et droit – placements financiers
- 4GCM/4GSO – Économie générale – Chapitre 7 : la bourse

Gestioun vun Haushaltsfinanzen

- 1GSO – Économie et droit - Introduction à la gestion budgétaire des ménages
- 5e générale de préparation - Culture générale Modul 7 : *Mein Privatleben: Das Geld*

**2. Wéi eng Initiativen a Formatiounen existéieren ausserhalb vum schoulesche Parcours fir Erwuessener am Beräich vum Trading, Investéieren oder d'Gestioun vun Haushaltsfinanzen ?**

Am Kader vun der Ëmsetzung vun der aktueller nationaler Strategie fir d'Finanzbildung hunn déi concernéiert Acteuren divers Initiativen en place gesat, déi sech och un Erwuessener riichten.

Mat Lëtzfin gëtt et een dediéierten Internetsite, deen d'Leit iwwer aktuell Themen am Beräich vun de Finanzen ënnerriicht. D'Zil vun dësem Site ass et de Konsument ze sensibiliséieren an ze schützen, andeems him Basisinformatioune ronderëm d'Finanzen zur Verfügung gestallt ginn. Hei fënnt een deementspriechend Informatiounen iwwer z. B. „Suen am Alldag", „Versécherungen", „Prêten", „Nohalteg Entwécklung", „Digital Finanzen", „Spueren an Investéieren", „Pensioun", „Virsiichtsmoossnamen" oder „Iwwerverschëldung". Och fënnt een um Site aner praktesch Instrumenter, wéi z. B. Kredittsimulatiounen, Hëllef beim Opstelle vun engem Budget, Froe fir hiert Wëssen ze testen, souwéi eng Bibliothéik mat villen erklärenden Dokumenter a Videoen. Doriwwer eraus ass Lëtzfin och aktiv op de gängege soziale Medien.

Am Beräich vum Investing gëtt et méi spezifesch:

- een dediéierte Site „Understanding Investing" vun der ALFI, oder
- z.B. d'World Investor Week, eng Initiative déi vun IOSCO an iwwer 100 Länner lancéiert gouf.

Donieft ginn et Formatiounsprogrammer am Beräich vum Online-Banking, déi sech virop un d'Seniore riichten.

Net ze vergiessen och d'Organisatioun vun der Woch vun der Preventioun vun der Iwwerschëldung, déi sech un de breede Public adresséiert.

Lëtzebuerg, den 8. Juli 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH